



PRESSEDossier



KannaTiVi

Spaass, Info & ausserierdesch Presentateuren

**Vum 20. September u gëtt et all
Sonndegowend vun 18:00 bis 19:00
Auer eng Stonn Programm just fir
d'Kids!**

KannaTiVi, sou heescht deen neie
Kannerprogramm mat Emissiounen,
Serien a Kanner-News op RTL Télé
Lëtzebuerg an RTL Zweek.

Ugefaangen um 18:00 Auer mat de flottste
Serien op Lëtzebuergesch, wéi zum
Beispill déi nei Serie „Fox & Fonsi“ an
d'„Lizzie“.

Um 18:30 Auer geet et weider mat der
grousser KannaTiVi-Show a mat ganz
neien Emissiounen. Moderéiert gëtt dës
witzeg, ofwiesslungsräich an edukativ
Show vun zwee geckege Presentateuren,
de Klaus an de Mish aus „Nächst
Statioun“. Fir zousätzleche Spaass an
Informatioun suergen d'Animatiounsserien
„1,2,3... mol emol“ an „Nächst Statioun“,
den edukative Magazin „Weess de wat?“
an de Kanner-Journal „Kannaniouss“.



Eng Show mat virtuelle Presentateuren



Fir déi nei KannaTiVi-Show huet Zeilt Productions en innovatiivt Konzept ausgeschafft. D'Presentatioun vun der Show gëtt mat der sougenannter "Motion Capture"-Technologie gemaach, bei där déi zwee Aliens Klaus a Mish aus der Serie "Nächst Statioun" iwwert Kamerae vu Schauspiller am Toun an am Bild souzesoe "live" animéiert ginn. Déi zwee kleng virtuell Presentateure kënnen mat där Technologie de Kanner d'Emissioun um richtege Plateau vun RTL presentéieren, genoe esou wéi wa se sech reell am Studio géife beweegen.



Serien an der Show



« Nächst Station »

Eng Animatiounsserie a 26 Episode fir Grouss a Kleng, déi vun Zeilt Productions ganz zu Lëtzebuerg realiséiert gouf, mat der Ënnerstëtzung vum Film Fund Luxembourg. D'Serie dréit ëm zwee kleng Ausserierdescher, de Klaus an de Mish, déi op d'Äerd geschéckt goufen, fir eng Invasioun virzebereeden. Si reesen dobäi duerch d'ganz Lëtzebuerger Land, fir déi ideal Plaz ze fannen, wou si hir Kommandozenral opbaue kënnen. Bei hirer Rees duerch d'Land erliewe si witzeg Aventuren a gi méi iwwert d'Geschicht vu Lëtzebuerg gewuer.



Serien an der Show



« 1, 2, 3 ... Mol Emol ! »

Wat geschitt, wann ee senger Fantasie fräie Laf léisst? Genee dat gëtt een an der neier Serie « 1, 2, 3 ... Mol Emol ! » gewuer, déi vu Schoulkanner aus dem Cycle 2 an 3 zu Lëtzebuerg erfionnt gouf. All Dag denken d'Kanner sech déi geckegst Geschichten aus, aus deene kleng Animatiounsfilmer entstinn.

D'Zeechnunge vu Schoulkanner waren den Denkestouss fir dës innovativ Serie, déi vum Jacopo Armani a Barbara Bernini entworf gouf. Produzéiert gouf « 1, 2, 3 ... Mol Emol ! » vun Doghouse Films zesumme mat RTL Télé Lëtzebuerg an der Ënnerstëtzung vum Film Fund Luxembourg.



Rubriken an der Show



« KannaNiuuss »

KannaNiuuss, dat sinn News vu Lëtzebuerg an aus der ganzer Welt mat allem, wat Kleng a Grouss interesséiert, "kanna"licht erkläert, all Sonndegowend virun 19:00 Auer op der Tëlee.



Rubriken an der Show



« Weess de wat ?! »

Weess de wat Zuchvulle sinn, wéi d'Mëllech entsteet, wéi Beien Hunneg maachen, wéi grouss d'Weltall ass oder wéi de Strom an d'Steckdous kënnt? "Weess de wat ?!" ass déi nei Emissioun all Sonndegowend virun 19:00 Auer, an där de Joé Feiereisen alles dat erkläert, wat Kanner wësse wëllen.



Serien um 18:00



« Fox & Fonsi »

An dëser Serie geet et ëm déi grouss Frëndschaft tëscht engem Fuuss an engem Hues, dem Fox an dem Fonsi. Zesummen erliewe si geckeg a spannend Aventurë mat hire Kolleege aus dem Bësch. Fox & Fonsi ass eng Serie vu 26 Episode vun 11 Minutten a gouf koproduzéiert vun Doghouse Films, mat der Ënnerstëtzung vum Film Fund Luxembourg, op Lëtzebuergesch adaptéiert vu Linster Studios.



Serien um 18:00



« D'Lizzie »

D'Liewen um Bauerenhaff ass dach langweileg? Nee, ganz sécher net mam Lizzie! Dës witzeg a léif Kou huet vill Frënn um Land, mat deenen hatt ganz vill flott Aventuren erlieft. D'Lizzie ass eng Serie vun 52 Episode vu 7 Minutten, baséiert op de Kannerbicher vum Alexander Steffensmeier a gouf koproduzéiert vu Fabrique d'Images, mat der Ënnerstëtzung vum Film Fund Luxembourg, op Lëtzebuergesch adaptéiert vu Linster Studios.